N°779
Entrée le 21.06.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

**Äntwert vum Premierminister, vum Kulturminister a vum Inneminister op d'parlamentaresch Fro n° 779 vun den honorabelen Deputéierten Alexandra Schoos a Fred Keup**

**Ad 1)**

De 17. Mee huet d'Regierung zwou SMS-Warnungen iwwert hiren aktuellen Alert-System verschéckt. Et ass technesch net méiglech ze wëssen, wéi vill SMSen bei de Bierger ukomm sinn.

Moies um 10:50 Auer sinn insgesamt 817.677 SMSen an 10 betraffen Zone geschéckt ginn:

- *Orange* *298.756 ;*
- *Post* *274.567 ;*
- *Proximus / Tango* *244.354.*

Nométtes um 16:40 Auer sinn nach eemol 388.302 SMSen an 3 betraffen Zone geschéckt ginn:

- *Orange* *144.013 ;*
- *Post* *144.688 ;*
- *Proximus / Tango* *99.601 .*

**Ad 2 bis 5)**

D'Haaptzil vun den Alerten, déi déi staatlech Instanze verschécken ass, fir esou vill Leit wéi méiglech, an esou séier wéi méiglech, ze erreechen. Dëst an enger vun den offiziellen administrative Sprooche vum Land, déi esou vill Leit wéi méiglech verstinn.

Et muss Ee wëssen, dass d'SMSen, déi iwwert den aktuelle Warnsystem verschéckt ginn, op 150 Zeeche limitéiert sinn.

D'Informatiounen a Warnungen, déi a méi Sprooche verschéckt solle ginn, mussen dofir och esou kuerz a präzis wéi méiglech gehal ginn, fir z'evitéieren, dass dës a méi SMSen opgespléckt ginn, wat dann nees dozou géif féieren, dass d'Diffusiounszäit ganz staark an d'Luucht geet. Deemno kéint Een d'Leit manner séier warnen an informéieren.

**Ad 6)**

De Kommissär fir d'Lëtzebuerger Sprooch ass am gaang mam Inneministère ze bestëmmen, wou d'Lëtzebuerger Sprooch iwwerall am Zoustännegkeetsberäich vun deem Ministère gebraucht oder visibel gemaach wäert ginn.

Enn dës Joers wäert de Kulturminister en éischte Bilan vun de bilaterale Gespréicher a Saachen Lëtzebuerger Sprooch virstellen.

Lëtzebuerg, den 21.Juni 2024

De Premierminister,

(s.) Luc FRIEDEN